

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz war am Paperjam ze liesen, datt d'Madamm Finanzminister sech op enger Reunioun mat hiren Homologen aus de Beneluxlänner iwwe eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent deenen dräi Länner ënnerhalen hätt. Naturgeméiss kéint esou e Schratt just doduerch erfollegen, datt d'Belsch an Holland hir jeeweileg TVA-Sätz, déi aktuell bei 21 Prozent leien, erofsetzen, oder, datt mir eis TVA eropsetzen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Finanzminister confirméieren, datt op där Reunioun iwwe eng Harmoniséierung vun der TVA diskutéiert gouf? Wa jo, kéint si elaboréieren, wéi eng konkret Zenarien a Fro kéimen a wéi een Impakt dës jeeweils op eis Economie an eis Staatsfinanze kéinten hunn?
- 2) Kann d'Madamm Finanzminister garantéieren, datt si esou eng Moosnam nëmme matdréit, wann dës net zu enger weiderer Erhéijung vun eiser nationaler TVA féiert, fir eng zousätzlech Belaaschtung vun de Lëtzebuerger Stéit ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten